N°1179
Entrée le 10.10.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Digitalisation

**Äntwert vun der Ministesch fir Digitaliséierung, vum Premierminister a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 1179 vum 12. September 2024 vun der Madamm Deputéiert Liz Braz.**

Zanter der DDoS-Attack am Mäerz 2024, op déi sech déi honorabel Deputéiert bezitt, huet den Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) keng weider Cyberattacke registréiert mat Impakt op déi staatlech Internetsitten, déi vun him hebergéiert ginn. De CTIE huet wuel nei Tentativë registréiert. Dës konnten, dank den technesche Mesuren déi en place sinn, ofgewiert ginn, esou dass si keen Impakt op d'Disponibilitéit vun de staatleche Servicer haten.

De CTIE huet, wéi schonn an der Äntwert op d'Fro n°522 erwäänt, verschidde, komplementar Protektiounsmechanismen en place fir seng Infrastruktur géint Cyberattacken ze schützen. D'Erkenntnisser déi de CTIE iwwert déi ugewante Strategië gewënnt, erlaben natierlech d'Mesuren déi en place si lafend unzepassen an z'optimiséieren.

Parallel zu dëse Beméiungen aktualiséiert de CTIE reegelméisseg seng Sécherheetssystemer fir vun neie, méi performanten Technologien ze profitéieren a mam Fortschrëtt – och deem vun den Ugräifer – kënne matzegoen.

Op der Säit vun de Gemengen, ass et wichteg drop hin ze weisen, dass et keen integralen „IT-System vun de Gemenge" gëtt. De Staat stellt de Gemengen eng Rei Applikatiounen zur Verfügung, déi alleguer duerch d'Sécherheetsstandarde vum CTIE geschützt ginn.

D'Regierung kann dës Garantie allerdéngs net fir d'Gesamtheet vun de informatesche Gemengeninfrastrukturen auswäiten, well heifir kee spezifesche legale Kader existéiert. D'Gemengenautonomie appliziéiert sech hei an all Gemeng ass selwer responsabel fir hir IT-Sécherheet, a besonnesch d'Integritéit an d'Securitéit vu perséinlechen Donnéeën. Dës gëllt souwuel fir Applikatiounen, déi d'Gemenge vum SIGI entwéckelt kréien, wéi och déi, déi eng Gemeng an Eegeregie kafen an installéiere géif.

Lëtzebuerg, den 10/10/2024.

D'Ministesch fir Digitalisierung

(s.) Stéphanie Obertin